N°2571
Entrée le 28.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, a vum Här Minister fir auswäerteg an europäesch Ugeleeënheeten, Verdeedegung, Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel Xavier Bettel, op d'parlamentaresch Fro n°2571 vum 4. Juli 2025 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen zum Sujet "sécurité des personnes de croyance juive et des citoyens israëliens".

Wéi steht et ëm d'Sécherheet vun eise jiddesche Matbierger:innen souwéi israelesche Staatsbierger:innen hei am Land?

De Regierungsrot huet de 27. Mäerz 2024 e "*Comité interministériel pour le suivi du plan d'action national de lutte contre l'antisémitisme (PANAS)*" en Place gesat, an deem konkret Mesure géint den Antisemitismus ausgeschafft an ëmgesat ginn. Sécherheetsfroe gi reegelméisseg an dësem Comité diskutéiert. Och d'Associatioun RIAL ass an dësem Comité vertrueden, esou dass en Informatiounsaustausch garantéiert ass.

D'Police an d'Representantë vun der jiddescher Communautéit zu Lëtzebuerg stinn och an enkem Kontakt.

D' Police surveilléiert reegelméisseg verschidde sensibel Punkten am Land. Donieft ginn ënner anerem verschidde reliéis Festivitéite vun der jiddescher Communautéit, un deene vill Leit deel huelen, vun der Police encadréiert. D'Police féiert an dësem Kontext eng permanent Evaluatioun duerch wou sämtlech Erkenntnisser afléissen, fir adäquat op ee potentielle Risiko kënnen ze reagéieren.

Lëtzebuerg, den 28. Juli 2025
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden